MUSEK

D'Häerz vun Europa läit um "Uasch vun der Welt"

E Samsdeg den Owend ass den Ofschloss vum Festival "ArtofNoize" mat enger musékalescher Kreatioun ënnert der Leedung vum Steve Shehan.

Dëser Deeg. An engem Haus zu Meespelt as de Laangen am gaangen, de Keller ze raumen an ze botzen. An engem Haus zu Huëlmes huët d'Cynthia d'Better frësch opgezunn. Wat no banalen Haushaltsszenen ausgesäit, sin a Wierklechkeet d'Virbereedungen op ee vun de spannendsten Museksevenementer vum Joër. Op Invitatioun vum Cynthia Hornick an der "JobArt" asbl treffen sech dës Woch Muséker aus Amerika, Marokko, Frankräich, Lëtzebuerg an aneren Häre Länner. Während dräi Deeg gët zu Meespelt am Thierry Kinsch sénge "Filax Studios" e Programm kreéiert an ageprouwt, deen den e Samsdeg Owend dem Publikum am Hollerecher Atelier virgestallt gët.

De Steve Shehan (USA) krut d'Missioun, séng Visioun vum neie Joërdausend a Musek ëmzesetzen. "JobArt" huët dem villsäitege Museker a Multi-Instrumentalist carte blanche gin. Hien huët sech séng Leit selwer erausgesicht, wéi de marokanesche Sänger Youssef el Idrissi oder de Krishoo Monthieux, batteur bei "FFF". Déi eenzeg Konditioun vun "JobArt" war d'Participatioun vu Lëtzebuerger Muséker. De Shehan huet dat allerdéngs nët als Konditioun oder suguer Strof ugesin, hee war begeeschtert vun där Idee. Dat verwonnert och nët, wann ee sech säi Parcours ukuckt. Säit de 70er Joren as hien e musekaleschen Nomad, fir deen d'Zesummenaarbecht mat Muséker aus alle Länner a Sparten eng Selbstverständlechkeet as (Leonard Bernstein, John McLaughlin, Kim Wilde, Starmania, Herbie Hancock, Brian Eno, Gipsy Kings, Renaud, Paul Simon, le Mystère des Voix Bulgares ...).

Wee kënnt dann zu Lëtzebuerg a Fro fir bei sou engem Projet matzemaachen? Dem Cynthia Hornick war et wichteg datt et Muséker sin, déi eng "Perséinlechkeet hun, déi op as" fir sou eng "rencontre des genres" tëscht Rock, World an Jazz, Muséker déi Freed um Experimentéiren hun. Do derniewt mussen se awer och technesch op der Héicht si, fir sech an sou enger improvisiéierter Begéinung wuel ze fillen. Also sëtzt elo den Thierry Kinsch hannert der Gitar an de Jitz Jeitz bléist an d'Saxophonen. Als Muséker, mee och als Produzent, as den Thierry Kinsch en touche-à-tout a beweegt sech hin an hier tëscht Rock, Blues, Chanson, Songwriting an aneren Tounspillereien. Hie ka sech intuitiv un déi ënnerschidlechst Genren upassen, a fillt sech op der akustescher Gitar sou wuel wéi op der elektrescher. De Jitz Jeitz as am Jazz doheem, genéiert sech awer nët fir vun Zäit zu Zäit de schwarze Kostüm an de Sonnebrëll aus dem Schaf ze huelen, a mat Rocker op eng Bühn ze klammen.

Et dréint iwwerall ronderem, just am Zentrum net

D'Cynthia Hornick as e Mënsch deen d'Muséker versteet. Ennert den Organisateuren a Programmateure gin et där nët genuch zu Lëtzebuerg. Ganz eegewëlleg a bewosst subjektiv geet et u séng Projeten erun. "D'Kreatioun u sëch gefällt mer, datt eppes entsteet, wat nach nët do war. Dat geschitt nëmme wa Leit sech begéinen, an ech fannen, 't gët näischt méi Schéines wéi wa Leit sech begéinen, zëmols Kënschtler. Dat gefällt mär. Ech fannen awer och datt mer hei zu Lëtzebuerg um Uasch vun der Welt sin a punkto Museksindustri a musékaleschen Austausch. Mir liewen am Häerz vun Europa an et dréint iwwerall ronderëm, just am Zentrum nët."

Dëse Samsdeg den Owend dréint et mol eng Kéier, an dat am Atelier an der Hollerecher Strooss vun 20 Auer un. Nom Concert leën de Nico P an de Mike T nach op, an et wäert bis an de fréie Mueren dréinen an dröhnen. Billjeën gin et beim Hotwax an der Groussgaass (Tel.: 46 60 61) a beim Funbringer (Tel.: 40 30 25). Präis: 750 oder 900 LUF.

Serge Tonnar

De Steve Shehan, e musékaleschen Nomad, fir deen d'Zesummenaarbecht mat Muséker aus alle Länner a Sparten eng Selbstverständlechkeet ass.

CINÉMA

Le meilleur de Chouraqui

Avec "Harrison's Flowers", Elie Chouraqui prouve qu'il n'est plus le cancre à la Lelouch que nous connaissons.

Elie Chouraqui ne nous avait pas habitué à cela. Ses films précédents, souvent inaboutis et inconsistants l'avaient presque définitivement relégué au rang de mauvais élève à Lelouch qu'on garde quand même en classe pour son côté sympa. Voilà pourtant que le vilain cancre se sent soudain pousser les ailes de la maturité et se permet d'exposer sa vision de la guerre des Balkans, afin de la condamner, bien évidemment.

Pour ce faire, le cinéaste français a choisi de nous montrer l'horreur de la guerre à travers les yeux d'une Américaine, Sarah. Cette femme, à la vie plutôt confortable, remarquablement interprétée par Andie MacDowell, décide de se rendre à Vukovar suite à la disparition de son mari, Harrison, photographe de guerre pour Newsweek. Intimement persuadée qu'Harrison n'est pas mort, Sarah décide de partir à sa recherche. "C'est une manière de rendre hommage à l'intuition féminine", confie Elie Chouraqui.

Avec l'aide d'autres photographes de guerre - dont le très attachant Adrien Brody - qui n'ont d'autre choix que de l'aider plutôt que de la livrer à une mort certaine, Sarah va traverser le pays, voir l'innommable, sans comprendre. Poussée par l'amour qu'elle voue à son mari et risquant sa peau à chaque instant.

Chouraqui montre avec force comment l'intégrité physique est constamment menacée par l'arbitraire sanguinaire des soldats éperdus de haine et de folie - sans distinction ethnique, comme l'a voulu le réalisateur. On fait connaissance avec l'absurdité du conflit lors de cette scène où la voiture de Sarah finit en quelques secondes, écrasée par des chars, son éphémère compagnon de route assassiné d'une balle dans la tête, et elle, pratiquement violée et sauvée au hasard d'un autre fait de guerre. La suite: une succession d'accrochages que les reporters saisiront pour rendre compte de cette folie meurtrière à deux pas de nos frontières.

Bien sûr, on pourrait faire la fine bouche car en regard du réalisme des scènes de guerre, le quotidien semble n'avoir aucune prise sur nos reporters: Que mangent-ils pour n'avoir jamais rien en bouche à part leur cigarette? Ã quoi roulent leurs voitures? Et surtout, par quel miracle leurs films et photos se retrouvent-ils en un rien de temps dans toutes les rédactions du monde? Peut-être que le cinéaste n'a pas jugé nécessaire de s'arrêter à ces détails, se concentrant avant tout sur la guerre et sur la quête de Sarah. Il eut été néanmoins intéressant d'évoquer les difficultés rencontrées par ces correspondants de guerre, dont on sait si peu de choses.

Alors qu'on pensait le piège du happy end évité, le film perd son réalisme, et nous, le fil des intentions d'Elie Chouraqui, lorsque Sarah voit son intuition du départ se vérifier. Une fin quelque peu maladroite et impromptue laisse planer un certain malaise: tout rentre dans l'ordre, la jolie Américaine va pouvoir retrouver une vie normale. Là-bas, dans les Balkans, le conflit ne faisait que commencer.

Séverine Rossewy



Par quel miracle leurs films et photos se retrouvent-ils en un rien de temps dans toutes les rédactions du monde?

"Harrison's Flowers" d'Elie Chouraqui, avec Elias Koteas, Andie MacDowell, Adrien Brody . Au Ciné Utopia.